

PIPPI LANGSTRUMPF



«PIPPI LANGSTRUMPF»

Persounen:

Pippi

Thomas

Annika

Madame Frysselius

Klang

Polizisten

Larsson

Donner - Karlsson

Déiw

Blom

De Staarken Adi

Manager

Léierin

Schoulkanner

Madame Settergren

Madame Granberg

Kapitän Langstrumpf

Matrousen

Dem Pippi seng Mamm



★ 1. Akt

→ A) Pippi an der Villa Kunterbunt

Op der enger Säit vun der Bühn steet een alt Haus mat enger Veranda. Niewt der Veranda steet eng grouss Huewerkescht, widdert dem Giewel steet eng Leeder. D'Pippi dréiht sei Pärđ op d'Bühn.

Pippi: Sou Monni Pinktelchen, du wunns op der Terrasse.
(Hat setzt d'Pärđ op der Terrasse of, mecht d' Huewerkescht op)
Hei hues du e bessen Huewer! Gudd? ne? (D'Pippi kramt e Scheld aus dem Haus eraus, hänkt et esou op, datt jidferen liesen kann: Villa Kunterbunt.) Eh voilà, elo ass alles färdeg! (Kuckt d'Leeder erop)
Kloters du mat erop, Här Nilsson, mir kucken eis d'Vue vun uewen un (D'P. klotert mam Af d'Leeder rop, an setzt sech op di iewescht Spross; helt en Apel aus der Täsche a fänkt un ze iessen. Hännert der Bühn héiert een Kaméidi a Sängen. Erauspazéiert kommen eng Schoukläss mat hirer Joffer - dorenner den Thomas an d'Annika.)

Léierin: An well et esou schéin ass, sange mir et gläich nach eng Kéier. (Si dirigéiert mat groussen Gesten. Uewen op der Leeder mecht d'P. der Joffer alles no, dirigéiert mat nach méi Schwong, mä keen geseit et. D'Joffer an d'Kanner gin iwert dem Weidersangen vun der Bühn fort, nemmen den Thomas an d'Annika bleiwen stoen. Dann entdeckt d'A. d'Pärđ an zitt den Thomas um Arm.)

Annika: (erstaunt) Kuck emol!

Thomas: (grad esou erstaunt) Wat dann?

A: (weist op d'Scheld) "Villa Kunterbunt" dat Scheld war dach virdrun net do!

Th: Dann ass bestëmmt een an di al Baraak eran geplennert.

A: Oh, hoffentlech ass et een, deen Kanner hues, mat deenen mir spillen kennen.

Th: E Pärđ hun se sou guer! Mä, déi hun se jo net méi all! Firwat steet dat Pärđ dann op der Terrasse!

P: (riffet vun der Leeder erof) Tja, well et mech an der Kichen hennert, an an der Stuff gefällt et him net.

(Den Th. an d'A. sin t'eischt paff, schliesslech fennt den Th. als eischten d'Sproch erem)

Th: Mä d'Pärđ wunnen dach am Stall!

P: Am Stall, oder net am Stall! An wat fir engem Stall wurnst du dann?

Th: Mir wunnen direkt hei doniewt, d'Annika an ech.

- P: D'Annika an ech ! Wéi heeschst du dann?
- Th: Thomas.
- P: Thomas an Annika! Ech mengen mir dréi géifen gudd beieneen passen.
- A: Dat mengen ech och.
- Th: Wéi heeschst du dann?
- P: (fänkt un op der Leeder ze turnen an ze schaukelen, an bei jidfer Schwong seet oder sengt er, e Steck vun sengem Numm) Pippilotta..... Rollgardina..... Viktualia..... Peffermenz... Ephraim Langstrumpf.... Hat klotert erof a geet (mam Af op der Scheller) op d'Kanner duer.)
- A: Oh, wat ee schwéieren, laangen Numm!
- P: Du kanns mech och einfach Pippi nennen.
- Th: Du hues et gudd, du hues esouguer een Af. Wéi heescht en?
- P: Här Nilsson.
- A: Oh, wéi ass deen sou seess, dein Här Nilsson!
- P: Hien kann awer och ganz frech sin. Eemol, wéi mir zu Shanghai waren, ass en einfach fortgelaaf, an war Dingschtmeedchen bei enger aaler Wittfra.
- Th: Dat get et dach net!
- P: Tja, an si war natirlech frou, well den Här Nilsson mecht phantastesch gudd Bouletten.
- A: Wirklech. Neen, elo hänkst du eis eng op!
- P: Jo, du hues recht, ech hun gelun.
- A: Et ass ganz ellen ze léien.
- P: (traureg) Dat stemmt, mä ech kann net dofir. Bei mir dobannen (weist op sech) do blubberen sou vill Ligen. Dir gleewt et net!
- A: Ech fannen, du solls trotzdem ophalen domat.
- P: Natierlech, mä gleew mir et, a Brasilien get et keen eenzegen Mensch, deen d'Wourecht seet, Déi léien de ganzen léiwen laangen Dag.
- A: Wirklech?
- P: Jo, si fänken mueres fréi um 7 Auer un, an halen net éischer op bis d'Sonn ennergaangen ass. Mir kennen secher awer Frenn sin, och wann ech heiansdo e wéineg léien.
- Th: Ma secher.
- A: Et ass super, dass du heihin geplennert bass.
- Th: Awer elo sollten mir dengem Papp, an denger Mamm Bonjour soen goen.
- P: Dat ass awer net einfach. Meng Mamm ass en Engel am Himmel, an mei Papp ass en Pirat. Dat war en emol, elo weess ech net genau wat hien mecht.
- Th: (erstaunt) So elo nach, du géifs ganz eleng hei wunnen?
- P: Oh neen, d'Pärd an den Här Nilsson wunnen jo och hei.
- A: Ma, du muss dach een hun, deen op dech oppasst.

- P: Ech passen op mech selwer op. Schlau nee?
- Th: Schon. Mä ween seet dir, wanns du owes an d'Bett solls goen.... an alles esou...
- P: Dat maachen ech selwer. T'éischt soen ech ganz frendlech: Fippi, meng Mod géi elo schlofen. Wann ech net follegen, dann soen ech et e wéineg méi streng... Fippi, hues du net héieren, wat ech gesot hun. Du solls elo schlofen goen... Awer wann ech dann nach emmer net follegen, dann jäitzen ech... Du frecht Steck, géi schlofen... Dat maachen ech dann, an schlofen wéi e Schwengchen. (P. schnaarcht e puermol)
- Th: Oh, du bass geckeg.
- A: T'ass awer traureg fir dech, dass du keng Mamm a kee Papp hues.
- P: Dat hun ech dach! Ech un iech jo gesot, dass meng Mamm am Himmel ass. Si setzt do, a kuckt durch e klengt Lach op mech erof. An ech wenken doropper a soen: du brauchst dir keng Suergen ze maachen, ech gin eens.
- Th: (traureg) Trotzdem, si ass jo doud.
- A: An déi Papp, ee Pirat, hues du gesot. Du hues bestemt erem gelun.
- P: Stell dir vir, dat hun ech net. Sin ech villäicht net mei ganzt Liewen mat mengem Papp op der "Hoppetesse" gesezelt? Dann misst ech jo schliesslech wessen, datt hien en Pirat ass (Hat stecht sech e Messer teschend d'Zänn, an erschreckt domat den Th. an d'A., déi hannertzeg gin.)
- Th: Awer du wees net, wou hien elo ass?
- P: Neen, well mir waren um Mier an e Sturm geroden. Dat war e Sturm, kann ech iech soen! Do goufen souguer d'Haien am Waaser seekrank a wollten u Land goen. An du koum eng Well, wéi een Haus sou héich, an zitt mei Papa mat an d'Mier. (traureg) Dono hun ech hien net méi gesin.
- A: Jo, mä, dann ass hien jo erdrunk.
- P: Stell dir vir, dat ass hien net. Ee groussen, staarken, decken Pirat, wéi mei Papa, deen erdrenkt net. Dee schwemmt op irgendeng Insel lass, grad wéi den Robinson Crusoe.
- Th: An dat gleews du!
- P: Jo, dat gleewen ech och.
- Th: Stell dir vir, wann elo een Hai dei Papa opgefriess huet!
- P: A stell dir vir, wann mei Papa een Hai opgefriess huet, an just ennen op der Plage setzt a repst, an an sengen Zänn steppelt, an dann ebeemol... kennt d'Hoppetesse laanscht gesezelt. Da get hien gerett, kennt heihin, an kennt mech sichen.
- A: Ech mengen awer trotzdem, datt hien erdrunk ass.
- P: (plötzlech ganz traureg) So dat net, Annika. Du wells mir dach net och nach mei Papa weghuelen.

A: Neen, et deet mir leed, dat wollt ech net. Verlaangers du no him?

P: (traureg) Jo, owends wann ech am Bett leien.

Th: Aremt Pippi!

P: (rappt sech zesummen) Elo geet et awer duer. Enges schéinen Daags, wärd hien schon kommen.

Th: Hoffentlech!

A: Thomas, mir müssen elo heemgoen an eis Aufgabe maachen.

Th: Dat stemmt, mä mir kommen geschwenn erem, wanns du wells, natiirech .

P: Kloer well ech dat.

A: Du gefälls eis!

P: An dir mir och! Basta! (Den Th. an d'A. verschwannen. D'Pippi setzt op der Terrasse (Gelänner) mam Här Nilsson.) Ech hat gesot, Här Nilsson, du kenns Bouletten maachen. Mä dat wollten si net gleewen. Awer datt mei Papa erdrunk wir, dat gleewen se. Domm Kanner! (Traureg) Wat mengs du, Här Nilsson, a wann hien awer erdrunk ass! Nee, nee, keng schwaarz Gedanken, Här Nilsson, rapp dech zesummen, et get vill Kanner, déi keen Papp hun. Duerfir bleiwen mir net heiremmer setzen a kräischen. Komm mir tanzen, dann sin mir gläich erem frou. (Pippi trällert ee Lidd a fänkt well un ze tanzen. D'Madame Prysselius, eng fein Madame, kennt op d'Bühn, eng Poche ennert dem Arem. Si mecht Gesten, fir datt d'Pippi ophalen soll, mä d'Pippi danzt monter weider. Och während deem folgenden Dialog turnt an danzt et weider)

Prys: Halt, halt, Meedchen, ech well mat dir schwätzen!

P: (frendlech) Da fänk dach un.

Prys: Ech heeschen Madame Prysselius. Ech sin d'Präsidentin vum Weesenrot aus dem Weesenheem hei aus der Staat.

P: (probéiert di ongewinnten Wiirder an widerhuelst se mat déiwer Stemm) Präsidentin, dat klenzt ustrengend. Weesenheem, dat klenzt och ustrengend. Arem Präsidentin, wells de eng Kamell? (helt eng Tût aus der Tesch an raecht se der Prys.)

Prys: Nee merci!

P: Ech kann dir soen, et sin der dobäi, déi sin verdäiwelst gudd. (Fänkt erem un ze tanzen)

Prys: Neen, hal op! Ech well dach mat dir schwätzen. Ech well wessen, wéi's du heeschs!

P: Wéi ech heeschen? (Pippi fänkt un ronderem d'Bühn d'Rad ze schloen, an seet no all Rad een vun sengen Nimm).. Pippilotta.. Viktualia.. Rollgardina... Peffermenz.. Ephrain Langstrumpf.. (geet bei d'Prysselius)

- P: Awer beroueg dech, ech gin einfach.. Pippi.. genannt.
- Prys: Weesst du, klengt Pippi, an der Staadt soen se, dass du heieran geplennert bass a ganz eleng an desem Haus wunns. Stemmt dat?
- P: Jojo!
- Prys: (heemelt dem Pipi de Bak) Aarmen Stippchen! Dat mussen mir änneren.
- P: Änneren! Firwat?
- Prys: Meng Modchen, irgendeen muss op dech oppassen. Verstees du? (heemelt him erem de Bak) Mir mussen kucken, dass du eng Plaz am Kannerheem kriss.
- P: Déi hun ech schon. Ech hun schon eng Plaz am Kannerheem.
- Prys: Wirklech! An wat fir engem Kannerheem dann?
- P: (weist op d'Haus) Hei an desem. Ech sin ee Kand, an dat ass mein Heem. Also ass et een Kannerheem. An Plaz hun ech genug, ech kennt deen ganzen (mat däischerer Stemm) Weesenrot aus dem Weesenheem hei aquartéieren, wann et néideg wär.
- Prys: Esou eppes hun ech menger Liewdag nach net héieren! An an d'Schoul gees du och net?
- P: Neen, Gottseidank net!
- Prys: Awer dat muss du!
- P: Firwat dann?
- Prys: Fir all Méigelechtes ze léieren, natirlech.
- P: Wat alles?
- Prys: All méiglech netzlech Saachen.
- P: So, eppes Netzlechtes!
- Prys: Tja, zum Beispill Multiplikatioun!
- P: Weess du wat! Mir geet et ganz gudd ouni Plutimikatioun.
- Prys: Mä, wéills du dann dei ganzt Liewen domm bleiwen? Stell dir vir, wanns du grouss bass an du weess näischt.
- P: Ch wéi schrecklech!
- Prys: Da kennt villäicht een a freet dech: wéi heescht d'Häptstaadt vu Portugal? An du kanns guer net äntweren, wells du net an d'Schoul gaangen bass, wéi's du kleng wars.
- P: Ech ka bestemmt äntweren. Ech äntweren esou: Wann et fir dech esou wichtig ass ze wessen, wéi d'Hauptstaadt vun Portugal heescht, da schreiw dach einfach a Portugal a fro. (fänkt erem un ze danzen) Iwregens war ech schon mat mengem Paps zu Lissabon.
- Prys: (ass deen éischten Moment paff) Ech miirken, du hels dat net eescht. (dreet mam Fanger) Awer dat wärs du nach léieren.
- P: Firwat dann? Maach dach selwer deng Plutimikatioun an loss mech domat a Rou!

- Prys: Et huet iwerhapt kee Senn, mat dir ze schwätzen.
- P: Dat stemmt, loss eis léiwer danzen. (D'Pippi helt d'Madame Prysselius fest un, an zwengt se emmer méi well matzedanzen. D'Pippi sengt an deet Kreesch. D'Mad. Prys. verléiert den Hutt, d'Poche an d'Schung. Ganz brüsk léisst d'Pippi d'Mad. Prys. lass. Déi ass ganz dronken, an wir emgefall, wann d'Pippi si net, dee beschten Moment, opgefaangen hätt)
- P: Ui- jem-jem! Dréihnt sech alles an dengem Kapp? Entschelleg, dat wollt ech net. (D'Mad. Prys. reeft hir Saachen op, d'Pippi helleft éifreg mat)
- P: Waart ech hellefen.. hei ass dein Hut! (hat setzt ouni et ze wellen, der Mad. Prys. den Hut e wéineg ze déif an d'Stir, an wéi et d'Resultat geseit, fänkt et un hard ze laachen. D'Mad. Prys. geseit knapps ennert dem Hut eraus!)
- P: Kuckuck! (D'Mad. Prys. leeft fort an werft béis Blecker op d'Pippi: D'Pippi rifft hir no) Et war léif vun dir, dass de bei mech komm wars. Du kenns dach nach eng Kéier erem? (D'Pippi geet bei säi Pär, heemelt et a schwätzt mat him) Monni Finktelchen, du stees hei an kanns net e besselchen Plutimikatioun. An duerfir wärt de ganzen Weesenrot aus dem Weesenheem des Nuecht keen A zou maachen. (Den Thomas an d'Annika kommen ugelaaf)
- Th: (eifreg) Weess du dat haut Kirmes an der Staats ass?
- P: Neen!
- A: Mir gin dohin. Mir hun Souen vun eiser Mamm kritt.
- Th: Wells du dann net matgoen. Dat wär dach flott.
- A: (matleedeg) Awer villäicht hues du keng Souen?
- P: Dach, e besseren hun ech der!
- A: Mengs du dann, et geet duer? Op der Kirmes ass alles sou däier!
(Dem P. sei Koffer mat den Goldstecker steet op der Veranda. Hat zitt een eraus, mecht op, an léisst d'Goldstecker durch d'Fangeren gletschen.)
- P: Geet dat duer?
(Den Th. an d'A. kennen hiren Aen bal net trauen)
- Th: Dreemen ech, oder hues du souvill Souen?
- P: Tja, wann een een Piratepapp huet, dann huet een der.
- A: Sin dat richtig Goldstecker?
- P: Ah wéi! Piraten segelen d'ganzen Zäit mat Goldstecker doremmer. Si wellen näischt aaneres. (Hat get dem Th. an dem A. ee Goldsteck)
Hei kriss du eent... an nach eent fir dech!
- Th: Ch, du bass awer léiw! Ech hat nach ni ee Goldsteck.
- A: Ech och net! Merci Pippi!

Th: Du kanns d'ganz Kirmes kaafen, wanns du wells!
P: Jo, villäicht well ech dat. Kommt mir gin! Mol kücken wivill si duerfir hun.

→ B) Op der Kirmes

Kirmesbuden ronderem d'Bühn. An der Mett vun der Bühn steet eng Tribün. D'Madame Frysselius steet bei engem Stand fir ze kafen. D'Polizisten Klang an Larsson gin op an of. Den Donner-Karlsson an den Blom schleichen ronderem an klauen, hei eng Auer, do ee Portefeuille. Et get näischt geschwat, trotzdem e liewegt Spill. D'Pippi, hannendrun den Thomas an d' Annika gin bei ee Kamellestand. D'Pippi mecht sei Koffer op, an weist ee Goldsteck. D'Madame, an hirer Bûd, get ganz opgereegt, an helt grouss Tüten voll Kamellen eraus. D'Pippi deelt se un d'Kanner aus, déi op der Kirmesbühn sin. Den Donner-Karlsson an de Blom gesin, wat do passéiert, an interesséieren sech stark fir dem Pippi sei Koffer. Och d'Madame Frys. gesäit deen enormen Bonbons-Akaaf. D'Pippi geet weider an keeft bei engem aneren Stand masseg Spillsaachen an Mundharmonikaen, déi et och den Kanner ausdeelt. Alles spillt Mundharmonika.

Frys: Wât mechs du do? Wou hues du dat Geld hir? Hues du et geklaut?

P: (gutmiddeg) Geklaut! Dat ass aver e staarkt Steck! Alles zesummen éierlech verdingten Piratengeld.

Frys: Ech ruffen d'Police.

P: Jo ruff se! Déi wellen bestemmt och Kamellen. Kuck, mir hun der nach riseg vill!

Frys: D'Police muss dat do genee ennersichen! Souvill Geld dierfen Kanner dach net hun. (D'Mad. Frys. geet fort, den Donner-Karlsson an den Blom kommen emmer méi no. Op d'Tribün klemmt den stärkste Mann vun der Welt, den Starken Adi, an sein dennen, klengen Manager)

Man: Dir Dammen an dir Hären, ech présenteieren iech dee stärkste Mann vun der Welt, den Starken Adi! (Den Adi vernäigt sech, d'Leit klappen. Den Adi fänkt mat Konschtstecker un, hiewt Gewiichter an brecht Eisenstangen. Alles kuckt op hien. Rechts a lenks vun Pippi, stin den Donner-Karlsson an den Blom. D'Pippi huet sei Koffer niwt sech gestallt. Di Zweek versichen ofwiesselnd de Koffer ze erweschen, awer wann den Donner-K. op der rechser Säit d'Hand ausstreckt, stellt d'Pippi, an engems wou et dem starken Adi nokuckt, de Koffer op di lenks Säit, wou

de Blom erem probéiert, de Koffer vun senger Säit aus ze erweschen. D'Pippi stellt de Koffer erem op di rechts Säit. Den Donner-Karlsson probéiert nach eng Kéier, mä a leschter Minutt helt d'Pippi de Koffer a leet sech en op de Kapp)

Man: An elo, dir Hären, di grouss Chance vun ärem Liewen! Ween helt et mam staarken Adi op. (Gemürmels ennert den Leit) Jo, di greissten Chance vun ärem Liewen. 10 000 Fr fir deen, deen den staarken Adi blo schléit. (Weist een decken Batz Scheiner) 10 000 Fr fir ween? Ween huet de Courage? Dir Hären! Courage! (Nach emmer vill Hektik am Publikum) Et besteet keng Gefoor, nemmen Muskelen muss een hun.

P: (klotert op d'Tribün, stellt sei Koffer op de Buedem) Ech!

Man: Héier emol, meng Mod. Géi schéin erem heem bei d'Mama. Dat hei ass näischt fir dech.

P: Firwat net?

Man: Wat wells du dann?

P: Ech well an de Ring.

(De Publikum laacht. De Manager an den Adi laachen och.

Man: (am Laachen) Du hues falsch verstaanen, meng Mod. Dat hei ass keng Spillschoul.

P: Neen, dat secher net, mä mir kennten eis awer amuséieren.

Man: (get nervös) Hop, hop, hop, géi heem bei d'Mama, a spill mat dengen Poppen.

P: Da meng alt! Elo geet et lass. Komm heihin, Adi, elo get et eescht!
1 - 2 - 3 - lass!

(D'Pippi helt den Adi an werft en mat Schwong op de Buedem, kräizt d'Ärem an stellt sech dohin ze waarden, datt den Adi sech oprappelen soll. De Publikum laacht a klappt. De Manager weess net wat hien dovun soll halen. Den Adi stirmt op d'Pippi lass, âwer hat werft hien eng 2. Kéier op de Buedem an hält hien mat den Schelleren um Buedem. De Publikum laacht an klappt.

P: Ech mengen, fir des Kéier wir et genug! (Den Adi hiewt sech an verschwennt. De Manager steet do, an mecht en dommt Gesicht)

P: Dat hätt ech geschafft!

Man: (well d'Saach an d'Lächerlecht dréiwen) Den staarken Adi ass frou mat de Kanner, dat hut dir jo secher all gesin, fir ee Spillchen mat hinnen huet hien emmer Zäit! Hahaha!

P: Hahaha! (mecht den Manager no)

Blom: (riff) Gef him d'Souen!

- Man: Bass du geckeg! Gleews du wirkleech dass ee klengt Meedchen den staarken Adi k.o. kréien kann. Wéi domm därf een eigentleech sin?
- Klang: Wéi gesot, wéi domm muss een eigentleech sin.
- Larsson: Tja, wéi domm darf een eigentleech sin? Hahaha!
- Man: Hahaha!
- P: (mecht him no) Hahaha! Hâl nemmen deng Schéiner, ech well se guer net. (Helt eng Handvoll Goldstecker aus dem Koffer) Hei, déi sin fir den staarken Adi, a so him, hien soll sech eng staark Melusin kaafen, well déi brauch hien.
- Man: Hal deng Spillsouen an verschwann!
- P: (beleidegt) Spillsouen, mengs du? (D'Pippi geet vun der Tribün erof, fir bei den Thomas an d'Annika ze goen, get awer vun Klang an Larsson opgehale. Den Donner-Karlsson an de Blom stin nobäi fir ze lauschteren)
- Klang: So emol, bass du net dat klengt, dat an d'Villa Kunterbunt geplennert ass
- P: Guer net, ech sin eng ganz kleng Tata, déi um dretten Stack um aaneren Enn vun der Staat wunnt. Nee sapristi, elo léien ech schon erem.
- Larsson: Dat darfs du net.
- P: Neen, ech sin wirkleech keng kleng Tata, an ech wunnen dohannen an der Villa Kunterbunt. Komm emol eng Kéier laanscht.
- Klang: Jo, d'Madame Frysselius huet eis datselwescht gefrot.
- Larsson: Du kanns dech drop verloossen.
- Klang: An ganz geschwenn.
- Donner-K: zum Blom (lues) An du kanns dech drop verloossen, dass mir laanscht kommen, an ganz geschwenn. Haha!
- Klang: (zum Pippi) Wéi gesot, mir kommen dér Deeg een laanscht. Verloos dech drop.
- Donner-K: (zum Blom) An ech mengen, mir kommen nuets, net wann d'Flicken do sin.
- Blom: Nee, grugeleg, ech kréien Ausschlag iwert de ganzen Bauch, soubal ech ee Flick gesin. Komm, Donner-Karlsson, mir gin een huelen.
- Klang: (zum Larsson) Komm Larsson, mir gin elo een huelen. (d'Polizisten an d'Déiw gin, d'Pippi an den Thomas an d'Annika kommen beieneen)
- Annika: Ah, do bass du jo endlech. Dât wâŕ vläicht flott, wéi's du mam staarken Adi geringt hues.
- Thomas: Dat hat dir zwee gut gemacht. Et huet grad esou ausgesin, wéi wanns du hien richtig k.o. geschloen häss.
- P: Mä, dat hun ech dach och.
- Th: Du häss dee stärksten Mann vun der Welt emgeluegt!!! Déi Tricken kanns du awer engem aaneren verzielen.

P: Jo, dee stärksten Mann vun der Welt. Mä, wesst dir iwerhapt, ween ech sin? (D'Pippi hiewt dem staarken Adi seng grouss Eisengewichter op an stemmt se mat Liichtigkeet iwert sei Kapp) Ech sin dat staarkste Meedchen vun der Welt! Denkt dodrun!

→ C) D'Pippi kritt Besuch

(Bannen an der Villa Kunterbunt steet dem Pippi sei Bett an dat klengt Poppebett vum Här Nilsson. D'Pippi setzt am Nuetshiem um Buedem. De Koffer steet niewt dem Pippi, hat zielt seng Goldstecker. Den Donner-K. an den Blom kucken him durch d'Fenster no)

P: (iwert dem Zielen) Ui.. op der Kirmes sin allerhand vill Souen dropgaangen. Loss mech mol zielen, bis wéiweit ech komm sin. 76-77-78-79, zingasiwenzeg, élefasiwenzeg, zwielefasiwenzeg, dreizegasiwenzeg, ziewenzegasiwenzeg.. yuhm ebeemol bleiwt d'Siwenzeg mir am Hals stiechen. Naja, Souen hun ech nach genug. (Et klappt un der Dir)

P: Kommt eran oder bleiwt dobaussen, wéi hätt dir et gär?
(D'Diir geet op, di zwee kommen eran)

Donner-K: Gudden Owend.

P: Hee, wéi léif..

dorënner kucken

Blom: Ass deng Mamm net hei, an dei Papp och net?

P: Neen, déi si fort, einfach fort.

Donner-K: (hien strahlt, get awer gläich erem eescht, fir sech net ze verrodén)
Du wells dach secher net soen, dass du ganz eleng bass.

P: Oh neen, den Här Nilsson ass och hei.

Blom: (enttäuscht) Ah, den Här Nilsson, deen ass secher dobannen? (weist op Diir) ^{di2.}

P: Genau, den Här Nilsson ass dobannen.

(Den Donner-K. an den Blom maachen sech Zeechen)

Donner-K: Eigentlech wollten mir just froen, wéivill Auer dass et ass; mir wellen net stéieren.

P: Dir stéiert mech net. Dir kéint roueg heibleiwen, mä éierlech gesot, ech wollt elo just schlofen goen.

Blom: Dat ass verstänneg, geet den Här Nilsson och elo villbicht schlofen?

P: Secher déi! Hien ass owens emmer midd.

Blom: (zefridden) Dat ass gudd.

P: Firwat?

Blom: Hm... di Leit, déi schlofen, sin engem net am Wee.

- Donner-K: (treppelt dem Blom op de Fouss) Du mengs, et ass gudd fir si, vill ze schlofen. Et ass gudd fir al Leit, wann se vill schlofen.
- Blom: Jo, ganz richtig!
- Donner-K: Gudd Nuecht dann! Schlof gudd!
- P: Ech probéieren, gudd Nuecht! (Den Donner-K. an de Blom gin eraus)
- P: (riff) Här Nilsson, wou bass de? Et ass Zäit fir di kleng Afen, fir schlofen ze goen. Aha, elo hun ech dech. Stell dir vir, hei waren elo grad zwee Näischnotzen, déi hun bestemt gemengt, du wärs een alen Monni. (Léiw) An dobäi bass du mein gudden, klengen Äffi (Hat leet den Af an d'Poppebett an deckt en zou) Sou, leis du gudd esou? Wells du, dass ech dir e Schlofliddchen sangen? Also... (D'Pippi sengt e Lidd an heemelt den Af) Schlof gudd, an dreem e schéinen Draam. Dat well ech och. (D'Pippi leet sech an d'Bett, wéi gewéinlech mat den Féiss op den Kappkessen an dem Kapp ennert der Decken) Ier ech schlofen, well ech nach t'éischt e wéineg schnarchen, dann ass déi Aarbecht schon gemaach.. (Schnarcht ganz haard. Iwerdeems d'Pippi schnarcht, geet d'Diir lues op, den Blom an den Donner-K. kommen eran. D'Pippi hält op mat Schnarchen. De Strahl vun der Täschelût fällt durch dat däischtert Zëmmer, bläiwt schliesslech op dem Pippi sengen Féiss stoen.)
- Donner-K: Kuck emol, do läit d'Kand. Mä, donnerwetzki, wéi leit et dann do, hautzedags hun d'Kanner awer guer keng Ordnung méi.
- Blom: D'Haauptsach ass, et schléift. (D'Pippi schnarcht) An et schléift fest.
- Donner-K: Wou mengs de, dass deen Nilsson ass?
- P: Den Här Nilsson, w.e.g. Den Här Nilsson leit an sengem klengen Poppenbett a schléift! (Den Donner-K. an de Blom; déi am éischten Schreck bei d'Diir gerannt waren, bleiwen stoen an liichten ronderem mat der Täschelût. De Strahl fällt op d'Poppebett.)
- Donner-K: (laacht hard) Kuck emol, Blom, den Här Nilsson ass en Af. Wat sees de elo?
- P: Jo, wât has du da gemengt, eng Méimaschine villäicht?
- Donner-K: Komm emol heihin, mir wellen mat dir schwätzen.
- P: Neen, ech schlofen. (schnarcht erem)
- Donner-K: (hiewt d'Decken an d'Lût) Mä, mir wellen dech eppes froen.
- P: Well dir wessen, wéi spéit dass et ass? Et ass Zäit fir di kleng Bouwen, fir schlofen ze goen.
- Donner-K: Jo, jo, mä t'éischt well ech wessen, wou all di Goldstecker sin, déi's du has.
- P: Déi sin am Koffer, uewen op dem Schaaf.
- Blom: (reiwt sech d'Hänn) Do wärten si net méi lang sin!

b. Pippi an der Schoul

Am Klassenzëmmer. D'Kanner sangen...

J. Gudd esou. (Den Th. weist de Fanger) Waat ass, Thomas?

Th. Ech wollt just soen, dass haut ee neit Meedche kënt.

J. Bei eis? An eis Klass?

Th. Jo. et kéim gären bei eis an d'Klass. Et därf dach?

A. Et heescht Pippi Langstrumpf.

J. Pippi Langstrumpf? Ass daat net daat Meedchen, daat ganz eleng wunnt?

A. Jo.

J. Da musse mir eis wirklech em daat aaremt Kand këmmere. Mir mussen alles maachen, datt et him bei eis gefällt. Bestëmt wärt et am Ufank zimlech schei sin, an sech friëm an eleng fillen. Daat ass dee Moment, wou et op eis Hëllef kann ziëlen; verstitt dir, waat ech mengen? Sou, elo kucke mir awer, wéi et haut mam Kapprechnen geet.

(Hannert der Bühn héiert een de Galopp vun engem Pär. D'Diir get opgerappt an d'Pippi stiirmt mat vill Kaméidi an d'Klass eran.)

J. Huh...

P. Hallo, hei sin ech. Kommen ech net ze spéit fir Plutimikatioun?

J. Dach, allerdings, wanns du och e bësselche méi lues häss kënnen erakommen. Mä, härzlech wëllkomm bei eis an der Schoul.

P. Oh, villmols merci.

J. Ech hoffen, dass et dir bei eis gefällt.

P. Jo, wann dir iëch och ëmmer gudd behuelt.

J. An ech hoffen, dass du vill bei eis léiers.

(D'Pippi ass di ganzen Zäit ganz frëndlech.)

P. Dir sid esou léif, ech hoffen, dass ech Krëschtvakanz kréien, duerfir sin ech jo komm.

J. (laacht) Krëschtvakanz? Daat geet an d'Rei. Du kanns dech dohinner an déi Bänk sëtzen.

P. Juppi! (Hat werft sech op séng Plaaz, kuckt virwëtzig ronderëm, päift hard fir ze weisen, datt et him ganz gudd gefällt)

J. Nee, Pippi! An der Schoul päift een net! Mir waare grad am Gaang ze rechnen.

P. Oh. Loost iëch durch mech net stéieren. Fuert weider.

J. Vlächcht sollte mir t'éischt testen, waats du kanns. Du bass jo schon e grousst Meedchen. Bestëmmt kanns du scho vill.

P. Jo, ech ka praktesch daat Meescht.

Donner-K: Neen, déi mussen mir dir leider weghuelen, et geet net aanescht.

P: Huelst se nemmen.

Donner-K: Du bass ee gescheit Meedchen. Et huet och keen Zweck, eis se net wellen ze gin. (Den Donner-K. helt de Koffer, hien an de Blom sin geckeg vun Freed a werfen sech de Koffer e puermol zou, iwerdæms se hard Kreesch din. D'Pippi kuckt hinnen roueg no, dann helt den Donner-K. de Koffer an hält en dem Pippi dohin, fir et ze zäcken.)

Donner-K: Merci, meng Mod. Du hues also näischt dogéint, wann mir de Koffer huelen.

P: Bestemmt net. (Den Donner-K. an de Blom gin bei d'Diir, d'Pippi geet hannendrun an rappt hinnen de Koffer aus der Hand.)

Du hues secher näischt dogéint, wann ech mir de Koffer eremhuelen. Merci, mein Klengen. (Den Donner-K. an de Blom werfen sech op d'Pippi)

Donner-K: Du frecht Steck. Heihin mat deem Koffer, verstaan!

P: (schubst den Donner-K. an den Blom; soudatt si wéi Keelen emfalen) Da kuckt, dat dir en kritt. (Di zwee probéieren et nach eng Kéier, faalen erem em, si mirken, datt d'Pippi hinnen iwerleen ass, si gin ängschtlech)

Donner-K: Pardon, Joffer, et war just e klenge Spaass.

Blom: Genau! Mir wollten nemmen e wéineg spillen, nemmen e wéineg.

P: Gudd, ech gleewen dir et. Ween well net gären spillen an danzen. Kennt dir schottesch danzen?

Donner-K: Neen, kanns du dann?

P: Ech hun mech et elo grad geléiert.

Donner-K: Dat gleewen ech dir net.

P: Du gleews et net. Mä, dat wärs du elo gläich gesin. (Zum Blom) Kemmer du dech em d'Musik. Spill! (werft dem Blom e Kamm an e Steck Papäier. De Blom probéiert bis en eng Melodi färdeg brengt.)

P: (zum Donner-K.) w.e.g.

Donner-K: Neen, merci!

P: (danzt mat him) Ech kann et!

Donner-K: Jo, richtig gudd.

P: (wann den Danz färdeg ass) Ech mengen, et wir besser, wann dir elo géift goen. Hut dir eigentlech Geld?

Donner-K: Keen Sou!

Blom: Mir sin arem, wéi Kirchemais. Soss wären mir jo net heihinkom, fir ze klauen, eh- eh, fir ze danzen, mengen ech.

D.B. Richtig, eng ganz Nuecht spillen an danzen, dat wollten mir.

P: (helt e puer Goldstecker aus dem Koffer) Hei, huet dir eppes.

Donner-K: Em Gotteswellen, du bass awer léif.

P: Natierlech sin ech dat. An elo verschwannt.

B.+ D. Gudd Nuecht!! (Si gin fort. D'Pippi geet bei d'Fenster an kuckt zu den Stären erop.

P: Oh, dobaussen ass den Himmel voller Stären. Bei der Mamma ass et bestemt wonnerschéin. Wéi schéin muss et dann bannen am Himmel sin, wann en schon vu baussen sou schéin ausgeseit. Ech sichen mir eng Sternschnuppe, an dann kann ech mir eppes wenschen. An ech wees wat, ech mir wenschen. Ech wenschen mir, datt mei Papa eremkennt; dat hätt ech esou gär. (seifzt) A wann ech vun mim géif dreemen! Dann géif ech gesin, wéi hien elo ausgesäit. Ech géif sou gären vun mengem Papa dreemen.. an och vun menger Mama...!

(D'Pippi sprengt an d'Bett, d'Féiss op den Kappkessen. Am Draam kommen dem Pippi sei Papp an der Piratekleedung; an dem Pippi seng Mamm, an engem Engelskleed eragedant. D'Pippi danzt mat hinnen, awer et versteet een, dass et nemmen en Draam ass, well di ganzen Zäit, gesäit een dem Pippi seng Féiss op dem Kappkessen.

★ 2. Akt *Musik*

→ A) D'Polizisten kommen bei d'Pippi

(D'Villa Kunterbunt vu baussen. D'Polizisten Klang a Larsson kommen eran an liessen d'Scheld)

Klang: "Villa Kunterbunt" hei ass et.

Larsson: Hoffentlech ass et doheem, dann kennen mir et gläich mathuelen.

Klang: Et get Zäit, datt et hei fortkennt.

L: Wat eng Iddi; et kann een dach net einfach Kanner elengwunnen loossen.

Kl: Stell dir vir; d'Kanner alleguer wellten dat. Dann géif et jo iwerhaupt keng Ordnung méi gin.

L: Ech hun héieren, dat et en drolegt Kand ass. Weess du nach, wat et mam staarken Adi gemaach hat? Et huet ee klengen Tick.

K: Dat wären jo lauter Idioten, dass déi do drop eragefall waren. Déi hun tatsächlech gemengt, dat Klengt, hatt den Staarken Adi k.o. geschlo.

L: Méi domm geet et net méi! Dei hun iwerhaupt net begraff, datt et e Witz war.

K: Est...do kennt et!

Karneidi

(D'Pippi, den Thomas, an d'Ann. kommen aus der Villa K. eraus)

P: Oh, hallo! Ech mengen, haut ass mei Glecksdaag. Polizisten hun ech schrecklech gär.

- K: Dat héieren mir gär.
- P: Awer Rhubarbskompott hun ech nach léiwer.
- K: So emol, du bass iach d'Pippi Langstrumpf, oder net?
- P: Jo, wat mengs du, ween soll ech da sin. Villäicht d'Kinnigin vun Honolulu.
- L: Du wells wuel witzeg sin, wéi?
- P: Jo, et mecht ee, wat ee kann.
- K: Héier emol, Joffer Langstrumpf; weess du firwat mir heihin komm sin?
- P: Wellt dir mat mir spillen? Geschter schon waren zwee Näischnotzen hei, déi mat mir wollten spillen.
- L: Kuck emol, dat wellen ~~mir~~ net. Du brauchts duerfir awer net traureg ze sin, du kenns nämlech an en Kannerheem an do get et lauter Kanner, mat deenen's du spillen kanns. *p fort*
- P: Dat ass awer léif.
- Th. an A. (kräischen bal) Ma Pippi....
- P: Därf een och Pärdd an ärt Kannerheem matbrenge?
- K: Wou denks de hin! Wéi géif dat dann ausgesin, wann d'Kanner all hir eegen Pärdd géifen matbrenge.
- P: Heen, awer Afen, kleng, schnuckeleg Afen, därf een secher mathuelen?
- L: Dat geet och net. Am Kannerheem därf een dach keng Afen hun.
- P: *prof* Haha, dann musst dir entzwoch aanescht, Kanner siche goen, fir an ärt Kannerheem, ech gin op jiddefall net dohin.
- K: Du muss awer! Ordnung muss sin, och fir d'Kanner.
- Th: (opgereegt) A mir wellen, dass et hei wunnt.
- A: Pippi, bleiw hei!
- K: (mecht dem A. no) Pippi, bleiw hei! Du gleews dach net, dass hat dat selwer bestemmen kann.
- L: Kleng Kanner mussen dat maachen, wat di Grouss soen. An mir soen, dass d'Pippi an d'Kannerheem kennt.
- P: An d'Pippi seet, dat et an der Villa Kunterbunt wunnen bleiwt. A wat sot dir dozou?
- K: Nu maul emol net esou erem..., soss gin ech rosen,... an wann ech rosen sin.. dann! Du kanns jo den Larsson froen wéi ech dann sin.
- L: Dat ass schro, wann de Kläng rosen ass, dann wees en guer net, wat en mecht.
- P: Ha! Jo, mei Bopi war grad esou, duerfir sin ech drun gewinnt. Mei Bopi war esou foxdeivelswell, datt en net méi wosst, wat hien géif maachen. A stellt iech vir, dun huet en sech selwer an d'Nues gebass, datt d'Blut nemmen esou gelaf ass.

- L: (laacht iwerleen) Sech selwer an d'Nues beissen, haha, a wéi huet hien dat dann gemäacht.
- P: Fuh, hien huet missen op en Stull klammen, fir drun ze kommen.
(Kl. a Larsson maachen t'éischt en dommt Gesicht, iwerdeems se sech dat iwerleen. Dann gin se rosen)
- Kl: Schwätz keen esou e Blödsinn! Du gees elo mat.
- P: Wesst dir, mei Bopi hat nämlech di längsten Nues vun der Welt. Fennef fet! Dauwen konnten niewendeneen dropsetzen; sou een decken Kadett hat hien am Gesicht stoen.
- L: Wat verzaps du do!
- P: An wann en seng Bréidercher giess huet, kruten d'Dauwen d'Grimmelen mat. Kee Wonner, datt et hinnen do gefall huet.
- Kl: Du kanns prima léien, mä meng jo nemmen net, dass ech et gleewen.
- P: Wat dann?
- Kl: (mecht dem Pippi no) Wat dann? Datt op dengem Bopi senger Nues, fennef fet! Dauwen sutzen, an all deen aaneren Rescht.
- P: Du hues recht, ech hun gelun.
- Kl: Dat war guer net schwéier, erauszefannen.
- P: Neen, dech kann een net sou liicht uschmieren. (Zitt sech selwer un der Tretz) Dommt Pippi du solls net léien. Natierlech konnten keng fennef Dauwen niewendeneen um Bopi senger Nues setzen, neen, di fenneft Dauw konnt nemmen mat engem Been drop stoen, fir d'Wourecht ze soen.
- Kl: Haal op mat dengen Mäerercher.
- L: Mir kennen net méi hei eremstoen an quatschen. Komm elo mat!
- P: Jo, kommt a fänkt mech. (Tickt mam Fanger un den L.) Tick, du bass.
(Eng well Juegd geet un, emmer erem entwutscht d'Pippi den Polizisten)
- Th an A. Laaf, Pippi, laaf.
(D'Pippi leeft em d'Haus, d'Polizisten hannendrun. Soubal si em den Eck kommen, sprengt et schnell an d'Huewerkescht an mecht den Deckel zou. An der nächster Sekund kommen d'Polizisten em den Eck, gesin d'Pippi net méi)
- K: Wou ass et higelaaf.
- L: Sapristi, wou ass et?
- Th: (mecht dem L. no) Wou ass et?
(D'Polizisten sichen weider, d'Pippi sprengt aus der Kescht, d'Polizisten entdecken hat. D'Pippi leeft an di aaner Richtung em d'Haus, klotert d'Leeder rop, op den Dag vum Haus. Do steet et, wéi d'Polizisten fir 2. Kéier em den Eck kommen. Si gesin d'P. net méi, mengen awer, et hätt sech erem an der Kescht verstoppt.)

- Kl: (setzt sich op d'Kesch) Jo, jo, Pippi Langstrumpf. Hei kanns du leien, bis du gro ges. Na, gees du elo fräiwelleg mat an d'Kannerheem?
(Den Th. an d'A. kicken)
- Kl: Pippi hues du héieren, wat ech gesot hun? (Kuckt an d'Kesch) Wat... wou ass et dann?
- L: Ja, wou ass et dann?
- Th: (mecht den L. no) Ja, wou ass et dann?
- P: (") Ja, wou ass et dann?
(D'Polizisten reagieren net op d'Stemm vum Daach)
- K: Et ass ganz einfach verschwonn.
- Th: Jo, et ass ganz einfach verschwonn.
- P: Genau, et ass ganz einfach verschwonn.
- Kl: Mir müssen et sichen.
- P: Genau, dir musst et sichen.
(De Kl. an den L. kratzen sich nodenklech um Kapp, bis dem Kl. ebeemol e Liicht opgeet, Endlech geseit en d'Pippi)
- P: (kréint) Kikeriki.
- Kl: Du onverschimnten Steck.
- L: Haha! Elo setzt du fest, do uewen kenns du net méi fort.
- Kl: Du kanns roueg schon erofkommen.
- P: Neen, ech fannen et besser, wann dir eropkommt. Hei uewen ass et flott, an ech kann iech nach vun mengem Bopi erzielen.
- Kl: Hal de Mond! Elo kommen mir rop, an da gees de mat.
(D'Pippi setzt uewen op der Leeder an wart op de Kl., deen d'Leeder eropklemmt.)
- P: Mei Bopi hat een holzent Been, dat war eng gudd Saach. A wann en sich mat der Police zerklappt huet, dann huet en sein Been erofgeschraubt, an der Police et iwert de Kapp geschlo, datt et gekracht huet.
(Wéi dem Kl. séi Kapp uewen um Daach ukomm ass, an d'Pippi seet "datt et gekraacht huet" schléit et him mat der Fauscht op de Kapp, ganz lues, awer fest genug, datt de Kl. e Steckelchen d'Leeder erofruitscht).
- P: Hi... has du gefärt. Ech hat dach keen holzent Been. *h*
- Kl: Dat nennt een "Widerstand géint Staatsgewalt" an dat ass eng geféierlech Saach.
- P: Mir spillen dach nemmen.
- Kl: Mengs de. Komm L. an hellef mir.
(De L. klotert och erop. D'Pippi leeft uewen um Daach, klemmt op de Schminnee an kréint nach eng Kéier)

- P: Kikeriki.
(De Kl. an den L. zidderen iwert dem Balancéieren iwert d'Daachspetz.)
- Kl: Wart nemmen, wann mir dech kréien. Dann wärt de Kikeriki dir scho vergoen. (D'Polizisten zidderen sech virun)
- P: Färt dir? Maacht dach einfach esou! (D'P. balancéiert ganz geféierlech um Daach, an den Kl. an den L. kommen emmer méi no. D'F. leeft op deen aaneren Giewel)
- P: Kikeriki! Elo tauchen ech. (D'P. sprengt vum Daach erof)
- Kl: (stürzt an d'Déiwt) Dat Kand kann dach net normal sin. Mengst du, et wir erofgesprong.
- L: Dann ass et mausdoud.
- P: Dat sin ech awer net, mei Bopi...
- Kl: (jätzt vum Daach) Fänk net schon erem vun dengem Bopi un.
(D'Fippi leeft bei de Giewel an helt d'Leeder weg, wat d'Polizisten net gesin. Eréischt wéi de Kl., mat sengem Henneschten fir t'éischt erofkloteren well, mirkt hien, datt d'Leeder net méi do ass, hien rett sech mat firchterlechen Kreesch zereck op den Daach)
- Kl: (rosen) Héier, du frech Mouk, stell d'Leeder hannescht, an zwar dalli!
- L: Soss kriss du eng Zäich Streech, déi's du ni vergess!
- P: Wat ass dann nemmen lass mat iech? Firwat sit dir dann esou béis?
Mir kéinten dach gudd Kollegen sin, mir spillen dach nemmen.
- Kl: Dat mengs du! Du kanns eppes erliewen, wann mir dech emol hun.
- L: Stell d'Leeder hannescht, du frecht Steck.
- P: Sou soll een net schwätzen, dir kéint roueg e wéineg méi frendlech sin.
Sot emol schéin brav: (schwätzt frendlech) "W.e.gl. léiwt Pippi stell d'Leeder hannescht", dann maachen ech et direkt.
(De Kl. an den L. bekucken sech, wessen net op se sollen no gin.)
- Kl: (knoutereg) W.e.gl. léiwt Pippi stell d'Leeder hannescht.
- P: Sou ass et richtig. Obschon deen aaneren Här roueg och e wéineg méi frendlech kennt sin. Ech héieren nach emmer näischt!
- L: (knoutereg) W.e.gl. léiwt Pippi stell d'Leeder hannescht.
(D'Pippi stellt d'Leeder zereck bei de Giewel)
- P: Sou, wart dir richtig léif. Kommt erof, dann spillen mir Stoppes.
(Den Kl. an den L. kloteren erof an stirzen sech direkt op d'Pippi)
- Kl: (rosen) Spillen, sees du! (D'Pippi stéisst di zwee em)
- P: Jo, dat hat ech gesot. Mä, ech hun meng Meenung geännert, well dir wesst jo iwerhaupt net, wéi ee spillt.

(De Kl. an den L. attackéieren d'Pippi eng 2. Kéier, gin awer vum Pippi mat enger Fanger emgeheit. Soubal si erem op de Been stin, laafen se schnell fort)

Th. an A: (ruffen) Dir wosst net dat d'Pippi dat staarksten Meedchen vun der Welt ass! Mä, dat ass esou!

P: (knoutert) Dat waren keng richteg Polizisten, déi waren jo richteg schro. An di ganzen Zäit, di Leier vu mengem Bopi. Ech kann dach net dofir, datt hien en holzent Been hat.

Th: Dat has du gudd gemaacht!

A: Wei gudd, dass du hei wunnen bleiws.

P: Jo, soss géif mei Papa mech jo net fannen, wann en kennt.

A: (traureg) Wann e kennt!

P: Wann e kennt!

Th: Oh, et ass Zäit! Mir mussen an d'Schoul, Annika.

A: Oh jo!

Th: Oh Pippi, wanns du och an d'Schoul géifs goen! Dat wär flott!

P: (sengt) Plutimikatioun! tralala! (schwätzt) Dât klengt phantastesch.

A: Mir hun esou eng léiw Joffer. Du häss se bestemmt och gär.

Th: Et brauch een guer net esou laang dozebleiwen, nemmen bis halwer 12.

A: An dann kritt een Kreschtvakanz an Cuschtervakanz an Grouss Vakanz.

P: (iwerleet) Dat ass awer ongerecht!

Th: Wat ass ongerecht?

P: Dat ass einfach ongerecht.

A: Wat dann?

P: Dass dir Kreschtvakanz, an Cuschtervakanz a Grouss Vakanz hut, an ech hun näischt! *Leige*

Th: Du gees jo net an d'Schoul

P: Muss een dat dann, fir nemmen eng Grimmelchen Kreschtvakanz ze kréien?

A: Ah jo, aanescht geet dat net.

P: Dann fänken ech eben mat der Schoul un, well ech well och Kreschtvakanz hun. Dat ass nemmen gerecht.

A: (freet sech) Youppi! ... Komm direkt mat!

P: Oh, sou presséiert dat net. Ech kommen, wann ech kommen. D'Haaptsaach ass, ech sin zur Zäit fir d'Kreschtvakanz do. Salut!

(Den Th. an d'A. gin fort)

P. fiddert d'Ärd

- J. Da kanns du mir sècher och soen, wivill siiwen a fënef ass.
- P. (kuckt d'Joffer ganz erstaunt un) Siiwen a fënef? (Laacht frëndlech)
Jo, wanns du daat selwer mol net weess, da meng net, dass ech dir et soen!
- J. Pippi, esou schwätzt een net mat sénger Joffer! Awer elo wëll ech dir soen, dass siiwen a fënef zwiëlef ass.
- P. Tsss, du wosst et jo, waat frees de mech dann?
- J. Du solls et jo léieren!
- P. (laacht) Ech soll léieren, wivill siiwen a fënef ass? Firwaat dann? Daat ass mir ganz eegal, do mëschen ech mech net dran.
- J. Waat bass du ee verdréintent Stéck! Ech mengen, daat hei ver stees du net. Iwregens, waat mengs de, wivill ass aacht a véier?
- P. (lëschtteg) Du frees a frees! Waat mengs du dann? Vlächicht siiwena-sechzeg?
- J. Ma neen, aacht a véier ass zwiëlef!
- P. Lauschter mol, allerléiwste Maus, daat geet ze wäit! Lo grad hues **du** eréischt gesoot, siiwen a fënef ass zwiëlef! Ordnung muss sin, och an der Schoul!
- J. (rëselt hoffnungslos de Kapp) Tja, rechnen kanns de op jidferfall net, daat miërken ech schon.
- P. (ganz frëndlech a schmeecheleg) Nee, mä ech gesin, dass esou Dommheeten dir Spaass maachen. Wees du waat, setz dech dach an den Eck a rechnen, souvill wéi's du Loscht hues.
- J. A waat soll di ganz Klass an där Zäit maachen?
- P. Mir kéinten eppes Flottes spillen. Ech wees e ganze Koup flott Spiller.
- J. Kuck emol, Pippi. Et geet een an d'Schoul, fir eppes ze léieren!
- P. Jojo, d'Haaptstaad vu Portugal, an sou weider. Awer daat kann ech schon.
- J. Nujee, du kanns dech e bësselche raschten, da kucke mir an där Zäit, waat déng Frënn wëssen.
- P. Gudd, ech muss mech wirklech raschten. Daat hei waar schéin ustren-gend! (D'Pippi leet bequeem d'Féiss op d'Bänk. D'Kanner kucke ganz erféiert op d'Pippi, mä d'Joffer mëcht hinnen Zeechen, si sollen sech guer näischt umiërke loossen).
- J. Thomas, kanns du mir heirop äntweren? Wann d'Lisi siiwen Äppel huet, an den Tunni huet der néng, wivill Äppel hun di zweek zesummen?
- Th. (Den Thomas kuckt op d'Pippi, et ass him net ganz wuel an sénger Haut.) Si hun zesummen siëchzëng Äppel.
- J. Daat stëmmt!

- P. Siëchzéng Äppel! Waat soll een do soen! Déi aarem Kanner wärte jo e schéine Bauchwéi krit hun!
- J. Roueg, Pippi! Elo kriss du eng Aufgab, Annika. De Gusti waar mat sénge Kollegen op de Schoulausflug. Hiën haat fofzeg Frang, wéi hiën fortgefuer ass, a fënef Frang, wéi hiën heem komm ass. Wivill haat hien weggin?
- P. Äntwer, Annika! An da wëll ech wëssen, ob hiën sech Limonad kaaft huet, an ob hiën sech d'Oueren richteg gewäsch haat, ir hiën doheem fortgaang ass. Iwregens, op waat fir engem Daag waar de Schoulausflug?
- J. Pippi, de Gusti ass dach nëmmen e Beispill!
- P. Ee schéint Beispill! Ee Jong, dee nëmmen sou mat Geld em sech werft! A waat mëcht hiën, wann heen eng Kéier an d'Haaptstaad vu Portugal kënt, wou alles sou deier ass?
- J. Ech mengen, mir maache fir haut Schluss mam Rechnen.
- P. (Geet no viir, an heemelt der Joffer de Baak.) Daat waar daat Gescheitst, waats du bis elo gesot hues! Du bass esou léif, an an ech si richteg frou mat dir, mä du kanns zimlech ustrengend sin, gëf et zou!
- J. Aha, mengs de? Waat mengs de dann, waat mir elo sollte maachen?
- P. (Spréngt op d'Bänk.) Ech wees, waat mir maachen! Ech kennen e Spill, daat heescht: Net de Buedem beréieren. (Hat fänkt un, vun enger Bänk op di aaner ze sprangen.) Daat geet einfach sou: Et spréngt een dorëmmer, an et därf een net eng Kéier mam Fouss op de Buedem kommen, soss ass een aus. (D'Kanner laachen, d'Joffer ass verzweifelt)
- J. Nee, Pippi, sou eppes kënne mir net maachen! Sätz dech direkt op déng Plaaz!
- P. Ma, ech hun dach elo grad eréischt ugefaang.
- J. Sätz dech op déng Plaaz, soen ech!
- P. (ënnerdéngeg a léif) Gudd, wanns du et onbedéngt sou wëlls.
- J. (Kann sech baal net méi beherrschen) Kanns du eigentlech liësen, R?
- P. Daat weess ech net, ech hun et nach nii probéiert.
- J. Da musse mir dir d'éischt Buchstaawe bäibréngen.
- P. Waats du net alles sees! Da fänk emol un!
- J. (Hält e Bild an d'Luucht, wou en Igel drop ass) Hei gesäis de een I-igel; an dee Buchstaaw virum Igel sénger Nues heescht ..I..
- P. Bass du sëcher? Ech fannen, et gesäit aus wéi ee riichte Strëch mat engem Méckeflapp drop. (Erënnert sech un eppes.) So, hues du nach nii eppes vun der Plutimikatioun héieren? Wéi geet dann daat?
- J. Waat mengs du?

- A. Hat mengt: Multiplikatioun.
- P. Daat haat ech dach gesot: Plutimikatioun. Daat kléngt, wéi wann et en Danz wiir. (Hat danzt a séngt dobäi: Plutimikatioun... bis et op de Buedem fällt) Elo muss ech mech awer raschten!
- J. Pippi, elo geet et dees duer! Komm heihin, ech muss mat dir schwätzen! (D'Pippi hiëwt sech a geet bei d'Pult.)
- P. Zevill Gescheitheet kann dee gesondste Mënsch krank maachen. Weess d' waat, ech bleiwe net méi an der Schoul! Ech si scho ganz dronken vun deem, waat dem Gusti geschitt ass, wivill Äppel den Tunni haat, a vun all deenen Igelen a Méckefläpp. Ech hoffen, du bass net traureg, wann ech elo gin!
- J. Dach, Pippi, ech sin elo traureg! Ech gin ëmmer traureg, wann ech kleng Meedercher gesin, déi sech net uerdentlech behuelen.
- P. (erstaunt an traureg) Hun ech mech schlecht beholl?
- J. Mä daat kann ee wuel soen!
- P. (riffet mat traureger Stëmm) Mä daat haat ech jo guer net gewosst!
- J. (heemelt et frëndlech) Du kanns et vläicht net besser.
- P. Neen, wann een eng Mamm huet, déi am Himmel ass, an ee Papp, dee Pirat ass, an ee selwer säi ganzt Liëwen um Miir gesegelt ass, da weess ee net, wéi ee sech an der Schoul tëschend all deenen Äppel an Igelen behuele soll.
- J. (heemelt et nach eng Kéier) Daat verstin ech, Pippi. Wanns du e wéineg méi aal bass, kanns du vläicht nach eng Kéier an der Schoul probéieren.
- P. Jo, wann dir nach e puer Igele rescht hutt.
- J. (klatscht an d'Hänn) Sou... Schluss fir haut! (geet fort)
- P. Tschüss, Kanner!
- A. Ech fannen, et waar haut vill méi lëschteg an der Schoul wéi soss.
- P. Da misst dir mol an Amerika an d'Schoul goen. Daat ass eng Schoul, soen ech iëch! Do get et iwerhaupt keng Igelen, a "Liësen" get et nëmme freides, a nëmme dann, wann se och Bicher hun. Awer där hun si nii.
- Th. Waat maachen si dann an der Schoul?
- P. Si iëssen Kamellen, vu mueres bis owends.
- A. Get et da sou vill Kamellen?
- P. Jo, vun der Kamellefabrik geet ee Rouer direkt an d'Schoul, an de ganzen Daag kommen do Kamelle raus.
- Th. A waat mëcht dann d'Joffer?

- P. Si mëcht de Papeier vun de Kamelle lass. Du gleews dach secher net, dass d'Kanner daat selwer maachen! Déi gi jo mól net selwer an d'Schoul. Déi schéken hire Brudder dohin.
- A. Oh, elo litts du erëm!
- P. Jo, vläicht e bësselchen.
- A. Mä, du muss domat ophaalen!
- P. Jo, jo, ech wëll et jo probéieren.
- Th. Iwregens, Pippi, wëlls du maar bei eis op de Geburtsdaagskaffi kommen?
- A. D'Mama huet e puer Madamen invitéiert, an si huet gesot, du diërfs och kommen.
- P. (freet sech terribel) Huet si daat wirklech gesot? Wou ech nach nii a méngem Liëwen op engem Geburtsdaagskaffi war! Oh, ech free mech! Mä stellt iëch vir, wann ech mech do och net uerdentlech behuelen.
- Th. Da behuel dech uerdentlech!
- P. Ech probéieren et op jidferfall ganz bestëmmt. Ech hätt gären, dass de Geburtsdaagskaffi vill méi schéi get, wann ech dobäi sin, dann ass är Mama bestëmmt och frou mat mir.
- A. Daat ass si bestëmmt!
- Th. Ech fannen, t'ass schued, dass du net méi wëlls an d'Schoul goen.
- P. Net wann de ganzen Zäit gefrot a gefrot get. Salut, loosst iëch et gudd goen an der Schoul, a vergiësst net, wivill Äppel den Tunni huet, soss get dir nach onglécklech! Hihhi!

- c. D'Pippi um Geburtsdaagskaffi
- MG Madam Granberg
MS Madam Settergren
MP Madam Prysselius

(An der Stuff vun der Famill Settergren. An der Mëtt steet e grouse gedeckte Kaffisdësch. Op där enger Säit steet e Kanapee, wou den Thomas an d'Annika sëtzen an an engem Fotoalbum bliëderen. Op där aanerer Säit un engem klengen Dësch sëtzen d'Madam Prysselius an d'Madam Granberg, déi drop waarden, dass de Kaffi zervéiert get. D'Madam Settergren steet beim groussen Dësch, mam Kaffisbiitz an der Hand.)

MG. (kuckt op den Thomas an d'Annika) Waat brav Kanner!

MP. An esou gudd erzunn!

MS. (zefridden) Ech ka mech net bekloen.

MG. Daat géif och nach feelen!

MP. Brav, léif, maache kee Kaméidi, mat sou enge Kanner ass dach nëmme Freed.

(Vun dobaussen héiert een haarde Kaméidi)

MS. (e wéineg ongedëlleg) Jo, jo, et geet elo duer! (Si steet beim groussen Dësch an zerwéiert de Kaffi) Kommt, sëtzt iëch an zerwéiert iëch!

P. (kënt ugesaust) Éischten!

MS. Hues du nach nii héieren, dass di Kleng fir d'lescht un der Rei sin?

P. Waat? Fir d'lescht? Sou hu mir daat nii gemaach, wéi ech nach um Schëf war. "Nu faal mol driwer hiir" huet mäi Papa ëmmer gesot.

MS. Mä elo bass du awer net um Schëf.

P. Nee, natiirlech net. (weist op d'Dammen, déi opgestaane sin) Mä kuck emol, wéi hongreg kucken d'Madamen dran. Vlächicht bleiwt näischt méi iwreg, wann si sech zerwéiert hun. Daat wëll ech net matmaachen. (Et fänkt un, Kuch zesummenzeraafen a rifft den Thomas an d'Annika) Nu faalt driwer hiir!

MS. (paakt d'Pippi um Aarem) Den Thomas an d'Annika hu geléiert ze waarden, bis si un der Rei sin.

P. (geet bei den Thomas an d'Annika a sëtzt sech bei si) Dir aarem Kanner, musst dir elo waarden, bis dir erhéngert sid? (fänkt un, säi Kuch ze iëssen)

(D'Madam Granberg an d'Madam Prysselius sin un de Kaffisdësch gaang, zerwéieren sech Kuch a kucken, mateneen, mat Dédain op d'Pippi.)

MG. (lues) Waat e schrecklecht Kand!

MP. (och lues) Jo, et muss een sech sénger unhuelen! Et ass e klengt Wëllt!

MS. (bei de Kanner) Verstees de, Pippi, ech hätt gären, dass méng Kanner wëssen, wéi een sech behëlt.

P. (schwätzt mat vollem Mond) Daat verstin ech, a wanns du wëlls, kann ech dir dobäi hëllefen. Du hues bestëmmt e ganze Koup aaner Saachen ze din. (mëcht dem Annika e Fanger) Annika, du wärts dach sëcher net an der Nues wullen, wéi?

A. (entrüst) Ma, daat maachen ech dach net!

P. Daat ass gudd, an denk ëmmer drun, dass eng chic Madam nëmmen an der Nues buert, wann se ganz eleng ass.

A. Tsss!

P. (de Fanger an der Luucht) An du, Thomas, späiz sëcher nii op de Buedem?

Th. (entrüst) Stell der emol vir, daat maachen ech net!

P. Brave Jong! Mä hues de schon eng Kéier probéiert, un de Plafong ze späitzen? (D'Pippi stellt sech a Positur a fänkt un ze späitzen, gët awer vun der Madam Settergren fest um Aarem gepaakt)

P. (dobaussen) En avant marche...

MS. Ëm Gotteswëllen!

MP. Ween? Ëm alles an der Welt!..

(D'Dir geet op. D'Pippi kënt eran a marschéiert bei d'Madam Setterg.)

P. Section halte! D'Ärm no vir!

(Hëlt mat zwou Hänn der Madam Settergren hir riëts Hand a rëselt se)

Jo, hei kënt d'Pippi! Ech sin e wéineg schei, a wann ech mech net selwer kommandéieren, wär ech net sou king gewiëschert eranzekommen.

(D'Madam Prysselius an d'Madam Granberg maachen e béisst Gesiicht, mä d'Madam Settergren behält trotz allem eng frëndlech Minn)

MS. Nujee, Pippi, härelech wëllkomm! (D'Pippi ëmärbelt d'Madam Settergren an drékt se fest un sech)

P. (léif) Wéi bass du sou léif! Du gleews net, wéi frou ech sin, fir heihin ze kommen. Ech wär jo nach nii op engem Geburtsdaagskaffi.

Komm, mir maachen eis et elo richtig gemiddlech!

MS. Daat wëll ech hoffen!

P. Du kanns dech op mech verloossen, ech wärt alles maachen, datt et richtig flott get.

MS. Gudd, da sëtzt dech bei den Thomas an d'Annika.

A. Komm heihin!

Th. Wëlls du d'Fotoe kucken?

P. Jo, awer d'éischt muss ech deene feine Madamen nach bonjour soen.

(kommandéiert) A droite, droite, Sektion, halte! (marschéiert bei den Dësch) halte! (Hëlt der Madam Prysselius hir Hand a rëselt se ganz kräfteg) T'ass schéin, dech erëm ze gesin. Weess du nach, wéi flott et d'leschte Kéier waar?

MP. (zimlech beleidegt) So emol, kleng Kanner soll ee gesin, awer net héieren! Wosst du daat net?

P. A wuerfir sin d'Oueren dann do? (laacht) Nëmme fir domat ze wackelen? Nee merci! (Hëlt der Madam Granberg hir Hand a rëselt se)

Këns du och aus dem (mat däischerer Stëmm) Weesenheem?

MG. Nee, mäi Kand.

P. Dann hues du awer Chance, well dosëtzen se a wackelen de ganzen Daag mat den Oueren, fir nëmme net ze héieren, wann di kleng Kanner kräischen a jéimeren.

A. (warnt) Komm heihin, Pippi!

MS. (mat fester Stëmm) Sëtzt dech elo bei den Thomas an d'Annika!

P. Jo, jo, daat wëll ech jo, mä et muss een dach bonjour soen a manéierlech sin op engem Geburtsdaagskaffi, oder...

MS. Pippi, elo geet et awer dur!

P. Jo, du hues recht, zevill gudd Rootschléi beiëneen, daat bréngt näischt! Awer maar kann ech hinnen eng nei Lektoun gin. Beroueg dech, si wärte schon nach léieren, wéi een sech behëlt.

(D'Dammen hun sech Kaffi a Kuch geholl. D'Madam Settergren huet während dem Dialog hir Kanner zerwéiert, a geet elo raus, fir eng Taart ze huelen.)

MS. (iwert dem Goen zu den Dammen) Ech hoffen et schmaacht! Ech gin nach d'Taart sichen.

(D'Pippi fänkt un, am Krees ze goen, et schléit mam Läffel op den eidelen Teller, hopst dorëmmer a séngt)

P. Tralala. Op engem Geburtsdaagskaffi soll ee frou sin a sangen. Tralala. (D'Pippi hëlt aus der Täscher eng Gummisbloos, déi piepst. Hat iwerleet e wéineg, schmunzelt a leet d'Bloos ënner d'Këssen vun der Madam Prysselius hirem Stull. Gläich drop kënt d'Madam Prysselius a sëtzt sech. (Et héiert een en Piepsen. D'Pippi laacht hard)

P. Firwaat pieps du dann?

MP. (fillt ënner d'Këssen, fënt d'Bloos, wërft se roosen weg)
Du Frechdachs!

P. (Hiëwt am Laachen d'Bloos op) Et wärt een dach sëcher dirfen e bësschen Spaass maachen. Wëlls du se?

MP. (ganz roosen) Nee, merci!

P. Dann eben net! (Hat danzt virun) Tralala, et ass alles sou schéin.

A. (fléiwt) Pippi, w.e.g., Komm heihin!

P. (sëtzt sech bei et) Ech hun Geburtsdaagskaffien sou gär, a fir d'éischte Kéier behuelen ech mech dach ganz gudd, oder fannt dir net?

Th. Jo...vläicht.

A. Kanns du net emol ee Moment roueg sätzen?

P. Wann et muss sin!

MP. Et muss een sech ëm dës Kand këmmere, ech wärt schon duerfir suergen.

MS. (kënt mat der Schlagssahnstaart eran a stellt se op den Dësch)
Endlech kënnen mir d'Taart iëssen. W.e.g.!

(D'Pippi rennt bei den Dësch. D'Madam Settergren steet mam Réck zum Dësch, a schwätzt mat den Dammen, sou datt si d'Pippi net gesäit)

P. (zum Thomas an Annika) Waat eng léif kleng Kamell! Wetten, dass ech se mam Mond kréien, ouni un d'Schlagsahn ze kommen?

(Hat taucht mam Gesiicht an d'Schlagsahn, hiëwt de Kapp)

Oh, daat waar e wéineg ze wäit! Daat wollt ech net!

(Säi Gesiicht ass voller Schlagsahn, d'Dammen jäizen erféiert, d'Madam Settergren dréit sech em a gesäit d'Onglék)

- A. (jäizt) Pippi, waat hues du gemaach? .
- MS.(Leeft bei d'Pippi a paakt et beim Aarem) Waat hues du gestiicht?
Du bass e schrecklecht Kand!
- P. Pardon, daat war ee Malheur! (wëscht sech d'Schlagsahn mam Dësch-
dudch weg)
- MS.Jo, du bass ee Malheur, sou grouss wéis du bass!
- A. (gräift an) Mama, soo daat net!
- P. (néiergeschlon) Dach, Annika, ech sin e Pechvull, sou grouss wéi
ech sin.
- MS.Wanns du dech sou schlecht behëlls, därfs du net méi heihi kommen.
- P. (kräischt e wéineg) Ech hätt mir eigentlech denke kënnen, dass ech
méch net uerdentlech ka behuelen.Ech hätt besser gehaat, um Miir
ze bleiwen!
- MS.Jo, dohin häss du besser gepasst!
- Th.Mama, daat därfs du net soen!
- MS.Vläicht net... (zu den Dammen) Entschëllegt, méng Léif, elo kënt
der keng Taart méi iëssen.
- P. (triwelt mat de Fangeren an der Taart) Ma, et ass nach genug doo,
si schmaacht richteg gudd.Wëllt dir e Stéck?
- MP.Nee, merci!
MG.
- P. Dann eben net! (reecht dem Thomas an dem Annika d'Taart) An dir?
(Den Thomas an d'Annika wénken traureg nee)
- P. (verdrësslech) Kee wëllt eppes.
- A. (heemelt d'Pippi) Siëf net traureg,Pippi!
- Th.Du wars jo nach nii op engem Geburtsdaagskaffi. Du wärts et scho
nach léieren!
- O. Mengs de? Soll ech mar eng Stonn méi fréi opston an üben?
(denkt no, seufzt)
- A. Waat ass, Pippi?
- P. Ech verlaangere no méngem Papa.
- Th.Aaremt Pippi!
- MS.(elo erëm roueg) Et ass wuel besser, wanns du heemgees.
- P. Jo, ech mengen daat och. (Hat streckt der Madam Settergren eng
schmiireg Hand dohin, d'Madam zitt sech zrék)
Entschëlleg, dass ech méch net uerdentlech beholl hun!
- MS.Du hues et bestëmmt net schlecht gemengt.



P. Neen, ech haat mir sou vill méi gin. (Hat kënt iwer dem Erausgoen laanscht d'Dammen, fiirt hinnen mat sénger beschmiirter Hand iwer d'Baaken) Versuergt e wéineg Taart fir d'Weesenheem! Äddi dann!

MP. (si ass baal an d'Schwächt gefall) Et muss een sech ëm dës Kand këmmere, duerfir wärt ech suergen!

d. Dem Pippi säi Papp liëwt nach

(Virun der Villa Kunterbunt, en halleft Joer méi spéit. D'Pippi, den Thomas an d'Annika sëtzen op der Terrass)

Th. Pippi, wéi laang wunns du lo schon an der Villa Kunterbunt?

P. Ech muss mol iwerléen. Wéini gouf mäi Papp an d'Miir geschwemmt? Daat ass scho laang hiir.

A. Ech weess et, du bass zwéin Deeg no méngem leschte Geburtsdaag komm. Du wunns elo schon en...halleft Joer hei.

Th. Mir kënt et vir, wéi wanns du schon ëmmer hei gewunnt häss.

A. Ech ka mech kaum nach drun erënneren, wéi et war, ouni dech.

Th. Langweileg waar et.

A. Ech hätt gärren, du géifs ëmmer hei wunnen. Du mëchs daat dach sëcher?

P. Kloer! Awer net, wa mäi Papa kënt a mech mat fort hëlt.

A. Gleews du wirklech, dass däi Papa kënt?

P. (otemt déif an, seet ee Moment näischt) Ech weess net, waat ech gleewen... awer...

Th. Waat dann?

P. (néiergeschlon) Meeschtens gleewen ech, dass hiën nii méi kënt.

A. (leet säin Aarem ëm d'Pippi) Aaremt Pippi!

Th. Verlaangers du vill no him?

A. Daat ass dach kloer, dass hat verlaangert!

P. Jo, owends, dann hun ech Zäit fir nozedenken.

A. Am Daag spille mir jo, dann hu mir Freed.

(D'Madam Prysselius kënt méi no)

P. Vill Freed hues du gesoot. Do kënt d'Prysseliise, daat nennen ech vill Freed! Huhu, wéi geet et an ärem (mat däischerer Stëmm) Weesenheem? Wackelt dir nach fläisseg mat den Oueren?

MP. Ech muss scho soen, daat selwecht frecht Pippi wéi ëmmer!

P. Dir hutt mech jo nach net erzunn! Daat interesséiert iéch wuel net méi?

MP. Mengs du, mir hätten dech vergiëss?

P. Ech haat et scho gehofft! An der leschter Zäit war et sou roueg hei.

- MP.Neen, mir hun dech net vergiëss. Gleew mir, elo gët et Eescht, elo këns du fort vun hei!
- A. (opgeregt) Därf hat net méi an der Villa Kunterbunt bleiwen?
- MP.Neen, du begräifst dach, dass et, ouni Elteren, net méi hei wunne bleiwe kann. Wéi oft muss ech dir daat nach erklären?
- P. A wéi oft muss ech dir nach erklären, dass ech Elteren hun? Stell dir daat emol vir!
- MP.Jo, eng Mama, déi am Himmel ass, an e Papa, deen sech irgendwou um Miir erëmdreiw! Ech weess, dass du daat ëmmer sees, mä daat geet net dur.
- P. An du mengs, dass ech, mir näischt, dir näischt, an d'Kannerheem plënneren?
- MP.Neen, mir hun een aanere Virschlaag. Een, deen dir bestëmmt besser gefällt, Pippi. Du kanns bei mech kommen a bei mir wunnen.
- P. Bei dir? Maja... Wéi wär daat wuel mat engem Pärd op der Terrass, engem Aaf am Hoer a mat mir an der Schlagsahn! Nee, nee!
- MP.Un e Pärd an en Aaf hun ech nu wirklech net geduecht!
- P. Wourun haas du da geduecht?
- MP.Ech hun dru geduecht, dass ech mech dénger unhuelen. Ech wëll fir dech déng nei Mama sin.
- P. Ui,ui, mä firwaat dann?
- MP.Du kanns net hei bleiwen an dech wéi wëll behuelen! Du muss dech endlech un ee normalt Liëwe gewinnen a léieren, wéi een sech op dëser Welt behëlt.
- P. Firwaat dann?
- MP.Duerfir! Ech wärt dech esou erzéien, wéis du solls sin. An ech maachen daat alles fir näischt. Et ass méng Flicht!
- P. Ui, ui! Villmols merci! Ech mengen, ech bleiwe léiwer an der Villa Kunterbunt.
- MP.Daat wärts du scho gesin! Mir kommen dech geschwën sichen.
- P. Mir? Wiën..mir?
- MP.Ech bréngen d'Police mat, wanns du net fräiwëlleg matgees. Sou ass daat!(geet fort)
- P. (zum Thomas an Annika) Sou, lo weess ech et! Wéi eng Mamm wëll si zou mir sin, dann hätt ech nach léiwer eng Klapperschlaang als Mamm.
- A. (verzweifelt) Pippi, waat solle mir nëmme maachen?
- Th.(verzweifelt) Waat solle mir elo maachen?

- P. Waat dir maache sollt, weess ech net. Mä ech bleiwe net op der fauler Haut leien. Ech si nämlech ee Saachensicher!
- Th. Waat bass du?
- P. Ech sin ee Saachensicher!
- A. Waat ass daat dann?
- P. Daat ass een, dee Saache fënt. D'ganz Welt ass voll Saachen, an et ass déck néideg, datt een do ass, deen se fënt.
- Th. Waat sin daat da fir Saachen?
- P. All Méigleches: Goldstécker, doudeg Raaten, kleng Muddereren asw.
- A. Ech wëll och Saachensicher gin!
- Th. Ech och! Mä ech géif léiwer e grousst Goldstéck fannen wéi eng kleng Mudder..
- P. Et fënt een ëmmer irgendeppes! (D'Pärd wiehert) Wëlls du e bës-selchen Huewer, Monni Tëppelchen? (Mëcht den Deckel vun der Huewerkëscht op) Oh, et ass keen Huewer méi do! Kuckt emol, waat hei läit! (Fënt eng eidel Këscht) Ech sin ee formidabelen Saachensicher)!
- A. Waat mëcht een dann mat enger raschteger bleche Béchs?
- P. Et kann een sech se op de Kapp setzen a spillen, dass ee matten an der Nuecht ass. (D'Pippi setzt sech d'bleche Këscht op de Kapp, et gesäit näischt méi. Hat hopst ronderëm, bis et arennt an ëmfällt. Vu wäitem héiert ee Musék: Tromm, Tamburin asw. D'Pippi hiëwt d'Béchs vum Kapp.)
Gesid dir, wann ech déi net opgehaat hätt, wär ech flang op d'Gesicht gefall!
- A. Wanns du d'Bécks net op déngem Kapp gehaat häss, da wärs du och net gefall.
- P. Féier keng op, Annika! Ech fannen dës Bécks prima!
(Setzt d'Bécks rem op. D'Musék get méi haard)
- Th. Wiën mëcht do Musék?
(D'Musék hält op. De Kapitän Langstrumpf kënt, hie sicht nom Pippi. D'Pippi hopst mat der Bécks um Kapp dorëmer, hat gesäit näischt. Den Thomas an d'Annika kucken verwonnert op dee Friëmen, dee ganz geréiert op dem Pippi séng grouss Schong kuckt.)
- Kap.(lues) Pippi!(D'Pippi werft d'Bécks weg, steet do a kuckt)
- P. (lues) Papa! (jäizt vu Freed) Papa!
(D'Pippi leeft bei säi Papp, deen et an d'Luucht hiëwt. D'Pippi baumelt u séngem Papp séngem Hals, an de Kapitän dréit sech voll Freed ronderëm.)

Kap.Oh, Pippi, Pippi!

P. Bass du et wirklech?

Kap.Jo, jo, ech sin et!

P. Wéi hun ech no dir verlaangert!

Kap.A wéi hun ech no dir verlaangert!

P. Ech wosst jo, dass du net erdronk wiërs.

Kap.Erdronk? Ech? Ma neen, Fett schwëmt, hahaha. Ech sin op eng Insel geschwomm.

P. (triumphéiert)Waat haat ech gesot? An du koum d'Hoppetosse laanscht an si huet dech matgeholl, stëmt daat?

Kap.Genee! Soss wär ech jo net hei.

P. Papa, du muss den Thomas an d'Annika kenne léieren. Si sin méng beschte Frën.

Kap.Wéi schéin, dass du net eleng hues misse sin! Mä hei si nach vill gudd Frën! (riff) Dir kënt elo kommen, Jongen!

(D'Musék fänkt erëm un, an d'Matrousen kommen eragedanzt, de Kapitän danzt mat.)

P. (erkennt séng aal Frën erëm) Jock- Fraass- Fridchen!

(D'Pippi danzt mat, an den Thomas an d'Annika kucken hinnen traureg no. De Kapitän hiëwt d'Pippi an d'Luucht, seet zu de Matrousen)

Kap.Mir hun eist Pippi erëm, de beschte Matrous op deene siiwe Miiren. Mat.Ay,ay, Káp'tn, daat stëmt.

Kap.D'Hoppetosse läit donidden um Hafen a waard op dech. Soubaal mir färdeg sin mat alueden, da segele mir fort.

Th. (ganz schei) Wéini soll daat sin?

Kap.Maar fréi.

Th. (traureg) Sou séier! (D'Annika dréit sech ëm a kräischt lues)

Kap.Ech fréé mech drop, wanns du rëm bei eis bass. Bass du nach grad esou staark wéi fréier?

P. Nach méi staark! Ech gleewe net, dass du nach dee Stärkste vun der Welt bass, Papa. Daat sin ech!

Kap.Daat wëll ech d'éischt gesin, ir ech et gleewen. Komm heihin!
(D'Pippi an de Kapitän stemmen géinteneen, d'Matrousen feiern si un. D'Pippi gewënt.)

Kap.Wirklech, Pippi, du bass de Stärksten vun der Welt!

P. Haat ech daat net gesot?

(Den Thomas erblékst d'Madame Prysselius an d'Polizisten, déi bei d'Haus kommen)

Th. (warnt) Pippi, se kommen!

P. D'Prysseliise?

Th. Jo, an d'Police.

Kap. Waat ass lass?

P. Do kënt eng Klapperschlaang an zwéi Polizisten. Papa, verstopp dech an der Huewerkëscht! Klamm séier dran!

Kap. Firwaat dann, mungs de ech hätt Angscht virun de Klapperschlaangen?

P. Maach, waat ech der soen! (zu de Matrousen) Verstoppt iëch hanner dem Haus! (De Kapitän kréicht an d'Këscht, d'Matrousen verschwan- nen hanner dem Haus. D'Madame Prysselius an d'Polizisten kommen)

Klang: Nu lauschter emol gudd no, Pippi Langstrumpf! Elo ass Schluss mat deenen Dommheeten, du gees elo direkt mat der Madame Prysse- lius; an direkt, hun ech gesot!

Larsson: Am aanere Fall musse mir ganz haard virgoen.

P. W.e.g. Maacht daat! Ganz haard virgoen. Kommt nëmmen a probéiert mech ze fänken! (D'Polizisten versichen, mam Pippi färdeg ze gin, mä d'Pippi wiirt se of, schliisslech gin si et op.)

Klang: Madame Prysselius, daat hei musst dir selwer erleedegen!

MP. Daat ass mir eng schéi Police, déi net emol mat engem klenge Känd färdeg get!

Larsson: Probéiert et emol selwer, da gesit dir, wéi liicht et ass!

MP. (fléiwt) Mäi léiwt kengt Pippi! Nu siëf dach verstänneg! Een muss sech dach em dech këmmere, wous de dach keng Eltere méi hues.

P. Fänk net erëm mat där aaler Leier un; et ass net wouer dass ech keng Elteren hun!

MP. (zu de Polizisten) Dir héiert jo, waat et seet! Et bild sech an, dass et ee Papp op enger Insel huet.

Klang: (zum Pippi) Behaaps du daat wirklech?

P. Ma neen, ech hu kee Papp op enger Insel. Bestëmt net!

Larsson: "Hu kee Papp op enger..."

MP. Awer daat hues de dach di ganzen Zäit gesot! Du litts a litts a litts! Also hues du kee Papp?

Larsson: "Kee Papp..."

P. Dach!

MP. Du mëchs mech nach verrékt!

Larsson: "Du mëchs mech nach verrékt..."

MP. Du hues dach selwer gesot...

P. Jo, ech hun ee Papp, begräif daat dach endlech. Mä net op enger Insel!

MP. (spöttesch) Ah sou, do net! Wou ass däi Papp daa elo? Am Himmel vläicht?

P. Neen, net am Himmel!

Larsson: "Net am Himmel..."

P. (sicht ronderëm, wéi wann et eng Stopp géif sichen)
Do,... an der Huewerkëscht!

Larsson: "An der Huewerkëscht"... Daat get et dach net!

Klang: Daat get et dach net!

MP. Daat get et dach net!

Allen dräi: An der Huewerkëscht?

MP. (zu de Polizisten) Dir héiert jo, waat et seet, datt et e Papp an der Huewerkëscht hätt. Daat Kand huet se einfach net méi all!

Larsson: "Huet se guer net méi all..."

P. Gleews du net, waat ech soen? Gleews du net, dass ech e Papp an der Huewerkëscht hun?

MP. (rosen) Neen, ech gleewe net, dass du e Papp an der Huewerkëscht oder soss éierens hues!

P. (hiëwt den Deckel op a weist an d'Këscht) Aha, a wiën hu mir dann hei?

Kap.(steet op a verneigt sech) Kapitän Langstrumpf... Et ass mir eng Eier.

(D'Madam Prysselius fällt baal ohnmächtig ëm, get awer a leschter Minut vun de Polizisten opgefaang. An engems kommen d'Matrousen hanner dem Haus eraus an huelen hiren Danz erëm op. D'Madam Prysselius an d'Polizisten sin an der Mët vun den Dänzer a versichen verzweifelt aus dem Krees erauszekommen. D'Madam Prysselius danzt wéi déi schlëmmste Ballerina. De Kapitän an d'Pippi danzen och mat. Nëmme den Thomas an d'Annika stin traureg do hinnen nozekucken. Wéi d'Pippi daat gesäit, geet et bei se a leet d'Ärm ëm hir Schëlleren. D'Annika leet de Kapp widder d'Pippi a schluchzt. Soubaal den Danz ophält, rennen d'Madam Prysselius an d'Polizisten fort, wéi wann den Däiwel hannerun hinne wir.)

P. (riff) T'waar schéin, dass dir hei waart!

(zum Thomas an Annika) A schéin, dass si fort sin.

Kap.Sou, Jongen, elo misste mir eis rëm e wéineg nätzlech maachen!
Maar em 10 Auer wëlle mir fort, a mir sin nach net färdeg mat lueden. Zerék op d'Hoppetosse!

Mat.Ay,ay, Káp'tn! (gin fort)

- Kap.(hëlt d'Pippi an den Aarem) Ech wëll keng Minut méi ouni dech sin!
Mä et bleiwt nach mueneches ze regelen. Wann et souwäit ass, komme mir dech sichen.
- P. Ay, ay, Káp'tn! (De Kapitän geet fort; d'Pippi leeft em no a schléit hiën op den Aarem)
- Kap.Waat ass, Pippi?
- P. Ech muss nach eng Kéier fillen, op et och wirklech wouer ass, dass ech net nëmme gedreemt hun.
- Kap.(hiëwt d'Pippi an d'Luucht; si reiwen hir Nuesen laanschteneen)
Spiirs du méng kaal Nues? Daat ass keen Draam, mir bleiwen elo elo ëmmer beieneen.
- P. Émmer beieneen!
(De Kapitän wénkt de Kanner an ass fort. Den Thomas an d'Annika sëtzen op der Traap. D'Pippi sëtzt sech bei se. Si sin allendräi mucksmeischestël, bis d'Pippi ongedëlleg get.)
- P. Waat ass nëmme lass mat iëch? Firwaat sot dir näischt? Et ass geféierlech, wann een zevill laang näischt seet; op eemol huet een d'Zong ugepecht. (den Thomas an d'Annika kräischen haard)
Ech hun zu Kalkutta e Mann kannt, deen huet näischt gesot, guër näischt méi gesot. A wéi eng Zäit eriwer waar, du waar séng Zong tatsächlech ugepecht. Wéi en endlech eppes wolt soen, du koum nëmme méi: uu...bui...uje...muj...eraus. Schlëm, wéi? (di zwee kräische méi haard) Ech mengen, är Zongen sin och schon ugepecht. Mir müssen daat ausprobéieren. Sot emol: Schéi Rees, Pippi, a merci fir déi schéin Zäit.
- Th. an A. (traureg) Schéi Rees, Pippi, a merci fir déi schéin Zäit.
- P. Gott sei Dank! Ech haat schon Angscht, dir kënt och nëmme méi uu...bui...uje...muj... soen. (et seet kee méi eppes)
- P. (traureg) Firwaat sid dir sou traureg? Elo gin ech et och schon. (di zwee kräischen) Dir kënt jo awer heihi kommen a spillen, och wann ech net méi hei sin.
- Th. A méngem Liëve net méi!
- A. Nee, Pippi, mir komme nii méi heihin.
- P. Ech géif iëch gär mäi Pärd gin. Ech kann et net mat op d'Schëf huelen, well do get et seekrank. (di zwee schluchzen)
Wëlt dir mäi Pärd?
- Th. Jo...mä...
- A. E Pärd hëlleft och net, wanns du net méi do bass.

P. Dir kënt alles huelen, waat am Haus ass. De ganze Kroom um Schreiw-
dësch, an de Koffer mat de Goldstéker, obschoñ der net méi vill do
sin. (di zwee schluchzen) Et geet bestëmt nach dur fir 23 Kilo
Kamellen.

Th. (mat erstécker Stëm) Merci, Pippi... et ass besser, wa mir elo
heem gin.

P. Waat wëlt dir dann do maachen?

A. (iwert dem Fortgoen) Kräischen!

e. Dem Pippi säin Abschied

(Um Hafen, wou d'Hoppetosse un Anker läit. Vill Leit stin dorëmmer,
och d'Madam Prysselius an d'Poilzisten Klang a Larsson. Um Schëf
stin de Kapitän an d'Matrousen, si kucken all an d'Richtung, aus
där d'Pippi optauche soll)

1.Stëm: Do kënt et!

2.Stëm: Jo, do kënt et!

3.Stëm: D'Pippi kënt!

Klang: Maacht Plaaz!

Larsson:Maacht Plaaz fir d'Pippi Langstrumpf!

(D'Pippi kënt. Ee Matrous dréit et op sénge Schëlleren. D'Pippi
dréit den Aaf op sénger Schëller. Den Thomas an d'Annika trëppelen
verdrësslech niëwendrun.)

Kap.(riff) Do bass de jo! Mir hu nëmme nach op dech gewaard!

Matrousen (ruffen) He, Pippi...

P. Di gudd aal Hoppetosse, wéi sin ech esou frou, di aal Këscht
erëmzegesin!

Kap.Aal Këscht! Schumm dech, et ass daat beschte Schëf, daat jemols
op alle siiwe Miire gefuer ass!

P. Daat stëmt.

Kap.An hei hu mir den Thomas an d'Annika! Dir kuckt awer traureg dran!
(Den Thomas an d'Annika kämpfen mat den Tréinen an äntweren net.)

MP.(mat engem Bouquet Blummén an der Hand)

Léiwit klengt Pippi! Et wärt hei richtig eidel gin ouni dech!

P. Tja, elo wärt ech nii eng fein Madam gin, wéis du et gehofft has.

MP.Nee, an doriwer bass du sëcher frou, daat kann ech mir virstellen.
Mä, waat wëls du eigentlech gin, wanns du grouss bass?

P. Ech gi Pirat, genee wéi mäi Papa! (D'Pippi zitt e Messer aus der
Täsch) Ech sin de Schreck vun alle siiwe Miiren!

MP.(gräift sech un d'Härz) Oh, Pippi, eigentlech misst du an eng
Winnschoul!

P. Jo, natirlech misst ech dohin!

(De Klang an de Larsson kommen a verneigen sech)

Klang: Äddi, Pippi Langstrumpf, Et wärt wuel e bèsse méi roueg gin hei an der Staad, wanns du fort bass!

Larsson: An e bèsse méi langweileg, huelen ech un!

P. Sou, mengers de? Mä, wësst der waat, ech ka jo mäi Bopi heihi sché-ken. Wann dee mat séngem hëlze Been heierëm roost, da kënt Liëwen an d'Bud.

(D'Pippi geet bei den Thomas an d'Annika, déi ëmmer nach mat den Tréine kämpfen)

P. Ui,ui, elo musse mir eis äddi soen! (otemt schwéier)

Et ass esou schrecklech traureg! (D'Annika schluchzt)

Th. Ech hun dir e Gdicht geschriwen, soll ech dir et virliësen?

P. (léif) Oh jo!

Th. (kroomt e Stéck Papeier aus sénger Täsche a liëst mat ziddereger Stëm)

Äddi, Pippi, du léiss eis lo leng,

Mir kräischen all, di Grouss an di Kleng,

Gleew mer, mir denken ëmmer un dech,

Vergiëss eis och nii, méng Schwëster a meeh.

(schluchzt)

P. Oh, wéi schéin, an et huet sech alles gereimt.

Kap.(rift) Et get Zäit, Pippi!

P. Jo, ech kommen!

(Hat dréit sech zum Thomas an Annika, déi haard kräischen)

Kräischt dach net, daat ass jo fir ze verzweifelen!

Th. Mir si jo och verzweifelt!

P. (ëmärbelt di zwee) Awaar, ech wärt iëch nii vergiëssen!

A. (iwert dem Kräischen) Mir wärten dech och nii vergiëssen!

(Den Thomas an d'Annika dréinen sech weg a kräischen haard. D'Pippi steet do a kuckt hir Réker, déi vum Kräischen zidderen. D'Pippi mëcht e puer Schrët zum Laafstee hin, kuckt dann zrék nom Thomas an Annika, zékt. Während dem nächsten Dialog stin d'Pippi an de Kapitän op der Säit, sou dass den Thomas an d'Annika an di aaner Leit näischt héieren.)

Kap.(kënt de Laafstee erof a geet bei d'Pippi)

Waat ass lass, Pippi? Du muss elo kommen!

P. (mat klenger Stëm) Nee, Papa, et geet net!

Kap.Waat geet net?

P. (verzweifelt) Ech kann den Thomas an d'Annika net eleng loossen!

- Kap.(durcherneen) Jo, mä daat muss du dach, daat geet net aanescht!
- P. Neen, daat kann ech net! Ech kannet net, well si sou traureg sin.
- Kap.Daat geet och nach eriwer.
- P. Daat mengs du! Wéi soll ech kënnen um Miir sin, wann ech weess, dass den Thomas an d'Annika hei sätzen a wéinst ménger kräischen an traureg sin! Nee, Papa, daat kann ech net!
- Kap.(durcherneen) Jo,mä...
- P. Ech bleiwen an der Villa Kunterbunt, Papa, et geet net aanescht.
- Kap.(noodeem hiën eng Zäit näischt gesot huet)
- Maach, wéis du et wëls, daat hues du jo nach ëmmer gemaach.
- P. Jo, ech hun et ëmmer sou gemaach. Weess du,Papa, et ass besser fir e Kand, wann et e richtegt Heem huet, a net di ganzen Zäit op dem Miir segelt.
- Kap.Jo, daat ass sëcher, dass du an der Villa Kunterbunt ee normalt an ordentlecht Liëwe féiere kanns, an daat ass daat Beschit fir kleng Kanner.
- P. Daat stëmt! Kleng Kanner sollen Ordnung hun! An am beschten ass et, wann si selwer fir Ordnung suergen!
- Kap.Genau!
- P. (werft sech dem Kapitän un den Hals) Oh, Papa, du wärts mir awer feelen!
- Kap.An du mir och!
- P. Awer du muss mech besiche kommen!
- Kap.Dorop kanns du Gëft huelen!
- P. An heiansdo këne mir mat dir op eng Rees goen, den Thomas, d'Annika an ech. Daat wär schéin!
- Kap.Jo, daat wär schéin!(si ëmärbelen sech nach eng Kéier)
- Mä, Pippi, du brauchst sëcher nach Goldstéker! Ech hu nach ee Koffer um Schëf, komm mat an dann hëls du en!
- (De Kapitän an d'Pippi gin op d'Schëf. D'Leit huelen un, dass d'Pippi elo fort firt; si fänken un ze wénken. D'Pippi wénkt zrék. Den Thomas an d'Annika kucken och; si gesin d'Pippi uewen um Laafstee, dréinen sech ëm a kräischen weider. D'Pippi setzt de Koffer op säi Kapp a kënt de Laafstee ërem erof. De Laafstee **get** eragezun. D'Leit staunen. D'Matrousen u Bord stëmen e Lidd un. Den Thomas an d'Annika dréinen sech ëm fir d'Pippi eng leschte Kéier ze gesin. Si gesin de Kapitän, deen hinnen zouwénkt, awer d'Pippi gesin si net. D'Schëf firt fort. D'Pippi steet hannert dem Thomas an Annika, an et houscht eng Kéier. Si dréinen sech ëm a gesin d'Pippi. Si stin do wéi verstengert.)

Th. Bass du... bass du net um Schëf?

P. Dräimol darfs du roden!

A. Jo, mä...

P. Ech bleiwen an der Villa Kunterbunt!

Th.an A. Jupiii!

A. Ass daat wouer?

Th. Ass daat wirklech wouer?

P. Jo, ech léien dach net ëmmer. Hut dir daat dann nach ëmmer net gemiirkt?

A. Oh, Pippi! (Den Thomas an d'Annika werfen sech dem Pippi un den Hals. De Kapitän wénkt, d'Schëf verschwënt lues a lues.)

P. (wénkt a rifft) Papa, du këns mech ganz bestëmt besichen, du hues et versprach! An den Thomas an d'Annika an ech dürfen heiansdo mat dir fueren! Daat hues du gesot!

Kap.Waat ech versprach hun, daat haalen ech och!

(mëcht e groussen Abschiedsgeste. Alles wénkt. Rideau.)